


# Klautjen

Gemengeblat Biissen

01/2017

Gemeng Biissen. Eng Gemeng déi verbënnt.



Mobilitéitswoch 4



Nuit du Sport 10



Floumaart 36



Léif Lieser vum Klautjen,

An dësem Klautjen maachen mir e Réckbléck op déi verschidde Manifestatiounen an Evenementer an der Gemeng vun deene leschte Méint.

De Bau vun dem neie Sportskomplex geet gutt virun. Am Juli fänken d' Aarbechte vum Dag, Fënsteren an Dieren un, sou datt am November d'Hal zou soll sinn.

De synthetesch Fussballsterrain soll fir September fäerdeg gestallt ginn an nach virum Oktober soll de Grasterrain ugeséit ginn. Um Enn vum Schouljoer 2017/2018 sollen déi gréissten Aarbechten um Gebai fäerdeg sinn, sou datt fir d'Rentrée 2018/2019 déi nei Sportshal kann offiziell hir Dieren opmaachen.

D'Haus vun der Musek, wat an a ronderëm d'Biisser Gare soll entstoen, ass an der Ausschreibungsphase, sou datt no der Summervakanz och hei d'Aarbechte sollen ufänken. Nieft dem Proufsall fir d'Biisser Musek sinn an dësem Gebai verschidde kleng a mëttelgrouss Raimlechkeete fir kulturell Zwecker geplangt, wéi z.B. Coursé vum CMNord, musikalesch Aktivitéite vun der Maison Relais, Proufsall vum Gesank.

De Bau vun der Verbindungsbréck tëscht der Colmarstrooss an der rue des Moulins gétt am September ofgeschloss. E Foussgängeriwweg mat roudere Luucht ass zousätzlech an der Colmarstrooss geplangt. D'Kombinatioun vu Bréck a Foussgängeriwweg soll de Schoulwee fir eis Kanner aus dem Brill, rue des Jardins, rue de la Chapelle, rue du Nord a route de Colmar méi sécher maachen. Esou kënnen d'Schoulkanner dësen Tracé fir an d'Schoul wielen, am plaz mussen duerch d'Grand-rue mat all hirem Autoverkéier ze goen.

Mat den Infrastrukturaarbechte vum Lotissement Steekräiz II gétt am September/Oktobre ugefaangen. Hei huet de Gemengerot eng speziell Virgoensweis, wat de Verkaf vun de Parzellen ubelaangt. An enger éischter Phase sollen exklusiv Biisser Bierger oder Leit, déi an hirer Vergaangenheet zu Biissen gewunnt hunn, e Virkafsrecht kréien. Réischt an enger zweeter Phase gétt d'Vente fir de grand Public opgemaach. Méi genau Detailer kënn Dir ab Juli op der Gemeng nofroen.

Op dëser Plaz wëlle mer och drop opmierksam maachen, datt mir e Foodtruck an der Gemeng stoen hunn. An dat ëmmer freides, beim ale Postgebai, op der Place de l'Immigration. Hei kritt Dir Spezialitéiten am Wok gekacht, fir op der Plaz z'essen oder matzehuelen. All zweete Freiden am Mount ass op der nämlecher Plaz e Biomaart, wou Dir frëscht Uebst a Geméis, sou wéi aner Produite kafe kënn.

D'Redaktioun wënscht Iech vill Spaass beim Liesen vum Klautjen.

**Mat de beschte Gréiss David VIAGGI**

# Sommaire

## Klautjen 01/2017

|                                 |              |                            |              |
|---------------------------------|--------------|----------------------------|--------------|
| Neijoersfeier                   | <b>3</b>     | Im Jugendhaus geht was ab! | <b>29</b>    |
| Mobilitéitswoch                 | <b>4-5</b>   | Summer Musical             | <b>30-31</b> |
| Eischt Hëllef                   | <b>6</b>     | Kulturkommissioun          | <b>32</b>    |
| Bicherfloumaart                 | <b>7</b>     | Integrationskommissioun    | <b>33</b>    |
| Grondsteen vum Sportskomplex    | <b>8-9</b>   | D'Journée des récompenses  | <b>34-35</b> |
| Nuit du Sport                   | <b>10-11</b> | Chrëschtmaart              | <b>36-37</b> |
| Scheckiwwerreechung 2016        | <b>12</b>    | Kommissioun 3. Alter       | <b>38</b>    |
| Klimapakt                       | <b>12</b>    | Emweltkommissioun          | <b>39</b>    |
| Nei Mataarbechter               | <b>13</b>    | Floumaart                  | <b>40-41</b> |
| Grouss Botz                     | <b>13</b>    | Volleyball Club Bissen     | <b>42</b>    |
| 5 nei Gefrierer fir den Atelier | <b>14-15</b> | Amis de la fleur Bissen    | <b>43</b>    |
| Geich Bësch Kierfecht           | <b>16</b>    | Gebuertsdeegskanner        | <b>43</b>    |
| Eise Biisser Biomaart           | <b>17</b>    | Fräiwëlleg Pomjeën Bissen  | <b>44-45</b> |
| Crèche Margréitchen             | <b>18-21</b> | Adresses utiles            | <b>46-52</b> |
| Maison Relais                   | <b>22-24</b> | Conseils communaux         | <b>53-61</b> |
| Ecoles                          | <b>25-28</b> | Manifestatiounskalenner    | <b>64</b>    |

### Editeur:

Administration communale de Bissen /  
Commission consultative de l'Information  
BP 25, L-7703 Bissen  
Tél. 83 50 03-1  
[www.bissen.lu/klautjen@bissen.lu](http://www.bissen.lu/klautjen@bissen.lu)

### Redaktioun:

D'Membere vun der Kommissioun:  
Frank CLEMENT, Kevin ENGLEBERT,  
Josiane KIEFER-SCHAUL (Secrétaire),  
Romain SCHMIT, Christian SEMERARO,  
Patrik THILMAN, David VIAGGI (President)  
Et hu matgeholfel:  
Carlo MULBACH, Serge REINARDT, Charles REISER,  
Max STEFFEN, Jos SCHUMMER, Sven WOHL  
a verschidden anerer bei den Texter a Fotoen.

### Layout: [www.reperes.lu](http://www.reperes.lu)

De Klautjen gétt gratis un all Haushalter an der Gemeng Bissen verdeelt.  
Net bestallten Textbeitrëg ginn net zréck geschéckt, an nëmme da publizéiert, wa Plaz ass.  
Dir fannt de Klautjen och am Internet:  
[www.bissen.lu](http://www.bissen.lu)

## Gemengefeier

# Neijoersfeier

Eemol d'Joer wëll d'Gemeng sengem Personal, der Equipe vum Fierschter, de Memberen aus de Kommissiounen, dem Léierpersonal, dem Personal aus der Crèche, der Maison Relais a Jugendhaus, an den Administratiounen, mat deenen si d'Joer iwwer zesumme schafft, Merci soe fir di geleeschten Aarbechte vum vergaangene Joer. Och 2017 hat d'Gemeng op en Iessen am Frounert invitéiert. Dëst Joer war et e bëssen anescht: den Traiteur Steffen hat verschidde Stänn opgebaut, op deenen d'Invitéen, jee no Loscht, de Kascht aus verschidene Länner ugebuede kruten.

Als éischt huet de Buergermeeschter a senger Usprooch allen am Numm vum Gemengerot Merci gesot, an och d'Geleeënheet ergraff, fir di Haaptprojeten, déi am vergaangene Joer realiséiert goufen, unzesprieche, respektiv neier unzekënnegen. Während dem Owend koum et dann och zur Éierung vun deene Mataarbechter, deenen d'Gemeng besonnesch wollt Merci soen, well si a Pensioun gaange si, respektiv e Jubiläum an hirem Berufsliewe fir eis Gemeng ze feiern haten.

Dëst Joer si gläich 2 Damen aus der „Primärschoul“ an hir wuelverdëngte Pensioun gaangen. D'Madame Marianne KNEIP-FEIDT, säit Juli 1976 hei zu Biissen nominéiert, krut fir 40 Joer Aktivitéit an eiser Schoul vum Schäffen- a Gemengerot en adequate Cadeau iwwerrecht. D'Madame Sonja WEBER- BODE huet säit 1979 zum Léierpersonal gehéiert, konnt awer deen Owend leider net präsent sinn, a krut hire Cadeau eppes méi spéit bei enger klenger Feier iwwerrecht. Ausserdeem krut d'Madame Diane MARINI Merci gesot fir hir laangjäreg Aktivitéit als Presidentin vum Schoulcomité. Si huet dese Posten elo un d'Madame Chantal Wammer viruginn.

Wéi schonn déi Joere virdrun ass et bei gudder Ambiance e längeren Owend ginn.



Gemeng

# Mobilitéitswoch

16. bis den 22. September 2016





## Eischt Hëllef

Croix Rouge an de Service Incendie vu Bissen hunn an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Biissen een Éischthëllef Cour ugebueden dee mat 48Deelhueler extrem gutt besicht war. Jidderee vun de Kandidaten huet d'Prüfung bestanen a krut dann och den 18. November 2016 den Diplom Iwwerrecht.

Dës Geleeënheet gouf och genotzt fir de „First Responder“, een neie Service vun der Gemeng deen duerch eis Fräiwëlleg Pompjeeën duerchgefuert gëtt, virzestellen. Dobäi gouf och den Auto vum Service, een ëmgebaute VW Amarok, ageweit.

Den Daniel Horsmans, Kommandant vun de Biisser Pompjeeën, ass vun der Federatioun vun de Pompjeeë geëiert gi fir seng 20 Joer als Jugendleeder, donieft sinn och Jugendpompjeeë fir hir Leeschtungen an engem Concours zu Béiwen vun der Jugend Federatioun geëiert ginn.



## Gemeng

# Bicher- floumaart

Dëst Joer war nees Bicherfloumaart zu Biissen.  
Vill Bicher hunn esou de Besëtzer gewiesselt.

No deem flotte Dag huet d'Bibliothéik vun der  
Biisser Schoul dee grouse Pleséier, dem „Foyer  
d'accueil pour réfugiés“ (Croix-Rouge) vu Miersch  
1.500€ ze spenden, an doduerch de Familljen  
vum Foyer een Dag am Beetebuerger Park  
z'erméiglechen.

Ee ganz grouse MERCI un all déi Leit, déi gehollef  
hunn, dësen Dag z'organiséieren!!!

D'Biisser Léierpersonal



# Grondsteen vum Sportskomplex

30. November 2016







# Nuit du Sport 2017





# Gemeng a Klimateam

## Scheckiwwerreechung 2016

Säit 9 Joer gëtt et elo d'Nuit du Sport, an zanter dem leschte Joer maache mir als Gemeng Biissen och mat.



Sport ass gesond, dat ass jidderengem bewosst, mä trotzdem gëtt en net ëmmer als Hobby oder eppes Flottes ugesinn, mä éischer wéi eppes, wat ee maache muss. Dat féiert dozou, datt vill Leit sech net méi dofir interesséieren. „Nuit du Sport“ ass eng Initiativ vum „Ministère du Sport“ an dem „Service National de la Jeunesse (SNJ)“, an Zesummenaarbecht mat de Gemengen an de Veräiner, am Kader vu „Lëtze Move“ a „Gesond iessen, méi bewegen“. Si soll deene jonken a manner jonke Leit d'Méiglechkeet ginn, déi verschidde Sportarten,

déi an der Gemeng ugebuede ginn, ze probéieren. Natierlech profitéieren och d' Veräiner dervun, fir dem Publik hire Sport méi no ze bréngen. Dat Gantz kann och op eng méi lëschtég Aart a Weis geschéien, wéi zum Beispill eis Veräiner et mat folgenden Aktivitéite maachen: Jucepong, Headis, Bossaball, Bubble Football, Beachvolleyball, Footballtennis, Torwandschießen, an nach viles méi.

Mam leschte Joer verglach goufen et awer zwou Neierungen;

- Mir hunn an zwou Sportarten een Turnéier ungebueden
- Den Tricentenaire vu Biissen huet behënnertegerecht Aktivitéiten ungebueden

D'Nuit du Sport, déi den 20. Mee 2017 bei der Sportshal war ass een halleft Joer nom Chrëschtmaart, woumaat mir och nach e Summerfest op d'Been gesaat hunn.

D'Suen, déi bei dëser Veranstaltung erakommen, ginn integral gespent. 2016 iwwrigens konnten 1200€ un den Tricentenaire gespent ginn.



# Klimapakt

De Klimapakt ass ee Vertrag, dee Biissen an och 102 aner Gemenge mat der Regierung ënnerschriwwen hunn. Duerch dës Konventioun garantiert de Staat de Gemengen eng finanziell an technesch Hëllef.

De Moossnahmekatalog ass vum KlimaTeam ofgeschaf ginn, an den Dossier ass den 1. Dezember engem externen Audit ënnerzu ginn. D'Resultat: D'Gemeng Biissen ass mat 58,2% zertifizéiert ginn a krut ee Präis iwwerrecht.



## nei Mataarbechter

Ech sinn den **Dan Dostert**, bestuet a Papp vun 2 Kanner. Ech hat bis elo 24 Joer op der Goodyear geschafft a wollt mam Wiessel op d'Gemeng Biissen, am Service „Bâtiment“, eng nei Erausfuерderung agoen. Ech hoffen op eng gutt Zesummenaarbecht. Dan



Ech sinn de **Risch Ken**.

Ech sinn den 26.07.1993 gebuer an hu vun 2001 bis 2017 zu Biissen gewunnt. Säit Kuerzem sinn ech op Ettelbréck geplënnert. Ech sinn immens frou, datt ech d'Chance krut, mäin Apprentissage Adulte als Landschaftsgärtner op der Gemeng Biissen ze maachen a kënnen hei ze schaffen. Ech hoffen op eng laang a gutt Zesummenaarbecht. Ken

## Grouss Botz



1. Abrëll 2017

## 5 nei Gefierer fir den Atelier

De 4. Abrëll sinn am Atelier 5 nei Gefierer ageweit ginn. Dobäi huet de Buergermeeschter Jos Schummer d'Schlüsselen un déi responsabel Servicer iwwerreicht.

De Camion vu Mercedes, dee mam Pictogramm vum Stroosservice markéiert ass, kann a ville Beräicher agesat ginn. Sou ass en zum Beispill fir de Wanter mat engem grouse Streecontainer a Schnéischëpp gerüst, fir d'Stroosse bei Schnéi méi séier fräi ze kréien. Mä och am Summer wäert de Camion net raschten. Mat sengen 2 Container an der portabler Wave kann e fir verschidden Aufgabe genotzt ginn.

De Waasserservice an de Service vun de Gebaier hu jee eng nei Camionette vu Peugeot mat agebautem Atelier kritt, fir an Zukunft méi schnell an effektiv ze intervenéieren.

Och de Gaardeservice huet mat engem neie Méin-Trakter, dee speziell fir méi schwierig Plazen an héicht Gras geduecht ass, de Fierpark vergréissert.

Eis Bëschaarbechter sinn net mat eidelen Hänn heemgaangen, si kruten och eng nei Camionette vu VW an eng Remorque, fir och an Zukunft eis Bëscher propper kënnen ze halen.





# Geich Bësch Kierfecht

Den 30. Juni ass de Bïsser Bësch Kierfecht ageweit ginn. Dëst Evenement war vu grousser Bedeitung fir d'Gemeng well mir eise Bierger eng alternativ zum „normale“ Kierfecht bidden.



Weider Informatiounen zum Geich Bësch Kierfecht fannt dir um Internetsite : <http://www.bissen.lu/fr/la-commune/geich-bësch-kierfecht>

# Eise Biisser Biomaart



Zanter Mäerz ass an eiser Gemeng op der Kräizung virun der aler Post e Biomaart. Dëse Maart ass all zweete Freideg vu 14:00 bis 19:00 Auer. Dir fannt hei dräi bis véier Stänn, déi ënner anerem frëscht Biogeméis, Zoossissen, allerhand Zorte Kéis, Bionuddelen, Blummen a Planzen, italesesch Spezialitéiten, Kichegeschir an Ourdaller Artikelen (Ueleg, Béier, Dréppen a Likören, Téi, Seefen, hausgemaacht Gebeess, Moschtert) ubidden. Donieft kënnt Dir hei och Är Messeren a Schéiere schläife loossen. Organiséiert gëtt dëse Maart vun der Biisser Gemeng an Zesummenaarbécht mam „Bio Frësch Maart“.



## Chèque-Iwwereechung 2016



### Chèque-Iwwereechung un de Foyer MINA vun Ëlwen

Zanter dem 1. Januar 2016 hält de Foyer MINA vun Ëlwen 11 „refugiés mineurs non-accompagnés“ op.

Dëschdes, de 25. Oktober 2016 sinn d'Saima Jusufovic an den Tom Schwab aus dem Foyer MINA op Biissen komm, wou si e Chèque am Wäert vun 1000 Euro vun der Maison Relais an der Crèche Margréitchen kruten. Den Erléis stamt vum Chrëschtmaart 2015, wou Gebeess, Kichelcher, Kaarten an nach villes méi verkaaft gi war. Dëst war an Zesummenaarbecht mat de Kanner an den Eltere hiergestallt ginn.

De Foyer MINA seet all dëse Leit e grouse Merci a freet sech, vun de Suen allerlei Material ronderëm d'Léiere vun der Sprooch kafen ze kënnen. D'Crèche Margréitchen an d'Maison Relais wënschen och weiderhin nach vill Erfolleg bei dësem Projet.

# Summerfest

### Summerfest an der Crèche Margréitchen

De 15. Juni huet d'Crèche Margréitchen, zesumme mat 52 Elteren a Kanner, hiert alljärelecht Summerfest gefeiert. Traditionell ass dëst Fest dann och nees an d'Waasser gefall J - mä déi puer Schauerer hunn d'Leit net dervun ofgehal, fir e flotte Moment zesummen ze verbréngen. D'Kanner goufe gemoolt, si hu gedantz a hu sech mat Schnittercher, engem Zalotebuffet a Gedrénks verwinne gelooss.

E grouse Merci un all d'Eltere vun der Crèche Margréitchen fir hir Motivatioun an hir gutt Laun, déi si no engem laange Schaffdag nach matbréngen.

### Fête d'été à la Crèche Margréitchen

Le 15 juin, 52 parents et enfants ont participé à la fête d'été annuelle de la Crèche Margréitchen. Déjà une tradition qu'il pleuvait ce jour-là, mais cela n'empêchait pas les gens de fêter ensemble. Les enfants ont été maquillés, ils ont dansé et tout le monde a dégusté les amuse-

bouches et le buffet de salades. Un grand Merci à tous les parents de la Crèche Margréitchen pour leur motivation et leur bonne humeur après une longue journée de travail.



# Bauernhoff 2016



## D'Biisser Butze besichen den Bauerenhoff Kass

Vum Juni bis de September steet d'Thema „Natur an Déieren“ um Programm vun der Crèche Margréitchen. An dësem Kader hunn den 28. Juli 6 Educatricë mat 21 Kanner de Biohoff vun der Famill Kass zu Rolleng besicht. D'Kanner waren an hirem Element a konnten an der Scheier am Botten-Labyrinth spillen, d'Déiere fiddere goen, mam Spill-Trakter fueren an den Hoff entdecken. Nodeems mir all d'Déiere besiche waren, gouf et eppes fir an de Bauch. Nomëttes hu mir nach en Tour mam Unhänger gemaach. Dono lung de Rimm dann och erof bei eise kleng Bauerer, a mir sinn nees zrëck an d'Crèche gefueer, wou d'Elteren déi Kleng konnten an de wuel verdéngte Feierowend mathuelen.

## Les petits de Bissen rendent visite à la ferme de Kaas

Du mois de juin jusqu'au septembre, le projet « Nature et les animaux » est au centre des intérêts à la Crèche Margréitchen. Dans ce cadre, 6 éducatrices et 21 enfants ont rendu visite à la ferme biologique de la famille Kass à Rollingen. Pour les enfants c'était la pure joie : ils ont joué dans la grange, ont donné à manger aux animaux de la ferme, ont imité le travail des paysans avec les mini-tracteurs et ont découvert le site de la famille Kass. Après avoir rendu visite à tous les animaux, nous avons fait une grillade. En après-midi nous avons fait un tour avec la remorque. Flapis de la longue journée, nous nous sommes rendus à la Crèche, et les petits sont rentrés à la maison avec leurs parents.



## op der „Foire agricole“

### D'Crèche Margréitchen op der „Foire agricole“

D'Crèche Margréitchen hat sech um Moie vum 1. Juli mam Bummelbus op de Wee op Ettelbréck gemaach, fir d'Foire agricole ze besichen.

Keen Déier gouf net geheemelt, keen Trakter net genau ënnert d'Lupp geholl, a mat de Wuppen um Grill hate mir och keen Erbaarmen. Als Ofschluss gouf et nach eng Glace an e Gadget. Bis d'nächst Joer, soe mir dann...

### La Crèche Margréitchen à la foire agricole

Pendant la matinée du 1 juillet la Crèche Margréitchen a visité la foire agricole à Ettelbruck. Pas un animal qui n'a pas été caressé, pas un tracteur qui n'a pas été inspecté, et aussi les saucisses sur le barbecue ont été examinées de près. A la fin de notre excursion, tout le monde a eu un gadget et une glace. A l'année prochaine...



## Crèche Margréitchen

# HEEMELS- WEENCHEN

Freides, de 27. Mee krut d'Crèche Margréitchen mol ganz anere Besuch: den Heemelsweenchen war do. Den Heemelsweenchen ass eng Mini-Entreprise vu 6 Schüler aus dem Lycée technique agricole, déi mat engem groussen Unhänger mat verschidden Déieren an d'Crèchen, Maison Relais, Schoulen an och Altersheemer fueren, fir do de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, Déiere kennen ze léieren, ze heemelen an och eppes iwwert si ze léieren. Am Gepäck hat den Heemelsweenchen zwou Kanéngercher, Hénger, ee Schwäin, ee Kalef an zwee Schof. D'Begeeschterung bei de Kanner war grouss, a si konnten, zesumme mat den Educateuren a mat den Elteren, d'Déieren heemelen a fidderen. Mir si vun de Grënner vun der Mini-Entreprise gutt encadréiert ginn a goufen sou Munches iwwert d'Déiere gewuer.

Vendredi, le 27 mai, la Crèche Margréitchen a eu une visite un peu plus particulière: le « Heemelsweenchen » était là. Il s'agit d'une mini-entreprise créée par 6 étudiants du Lycée technique agricole, qui organisent des visites dans des crèches, Maison Relais, écoles et Maison de retraite avec leur remorque, qui a été transformée en abri pour plusieurs animaux. Pendant leur visite, on peut faire connaissance avec les animaux de la ferme, les caresser et apprendre quelque chose sur eux. Ce jour-là, le « Heemelsweenchen » nous a rendu visite avec deux lapins, des poules, un cochon, un veau et deux moutons. Curieux, les enfants, en compagnie de leurs éducatrices et de leurs parents, ont caressé les animaux et leur ont donné à manger. Bien encadrés par les fondateurs de la mini-entreprise, nous avons appris beaucoup sur les animaux de la ferme.



# Classe de neige

### Classe de neige 2017 à Saint Nicolas La Chapelle au pied du Mont Blanc

Cette année 29 enfants du cycle 4.1 de la commune de Bissen sont partis, du 17 au 24 février 2017, à Saint Nicolas La Chapelle, passer un séjour au ski, baigné de soleil et de bonne humeur.

Nous remercions la commune de Bissen qui s'engage à financer ce merveilleux projet depuis de nombreuses années, le service d'accueil et d'animation « Jonk a Kanner Animatioun (JAKA) » d'Elisabeth, organisateur de la colonie depuis 2016, et à ne pas oublier Serge, notre formidable chauffeur de Bus.

Les encadrants Lynn, Linda, Carine, Philippe et Jérôme, ainsi que les animateurs Andréa et Cédric (FOL57) se sont fait un plaisir d'offrir aux enfants un programme rempli d'aventures et de découvertes montagnardes :

- Cours de ski encadrés par l'ESF,
- Ballade en raquettes,
- Découverte du musée de la faune alpine à Sallanches,
- Rencontre fort intéressante avec un tourneur sur bois,
- Shopping à Chamonix,
- Les repas entre amis au chalet, suivis des veillées de folie,
- et sans oublier, l'incontournable « boum », sous le thème du déguisement.

Tous ces moments ont permis aux enfants de passer une semaine inoubliable dans les montagnes et en même temps de goûter à l'indépendance.

De jolies colonies de vacances, ... merci les enfants !



Vendredi le 28 avril 2017, la classe de neige a été clôturée par une soirée photo, où l'album photo a été présenté aux enfants et leurs parents. Cette soirée a permis de revivre les bons et joyeux moments de la colonie. La Commune de Bissen a décidé d'offrir à chaque enfant un exemplaire de cet album. Super souvenir !

La soirée a été clôturée par un vin d'honneur offert par la commune accompagné par des échanges entre les invités.

Nous tenons à remercier toutes les personnes impliquées qui ont rendu possible cette expérience inoubliable et riche en émotions pour les enfants. L'édition 2018 est en train d'être organisée.



# 2017



## Maison Relais

# Transfair Frühstück in der Maison Relais

Am 12. Mai organisierte die Maison Relais ein Transfairfrühstück. Die Maison Relais ist eine Fairtrade Zone, so dass auch im Alltag fair gehandelte Produkte verwendet werden.

In einer gemütlichen Runde konnte jeder sich ein Bild von den Fairtrade Artikeln machen.

Über 120 Personen profitierten davon, fair gehandelte Produkte wie Kaffee, Konfitüre, Honig, Tee sowie verschiedene Obstsorten (Ananas, Mango und Bananen) zu probieren.



# Die Tafel mit dem „gewissen Etwas“



Sowohl von Seiten der Kinder als auch des Lehrpersonals war die Begeisterung groß, als die sogenannten Smartboards (oder Smart-Tafeln) ihren Einzug in den Schulalltag der „Biisser Schoul“ hielten.

Hierbei handelt es sich um interaktive Tafeln, welche jeden nur erdenklichen medialen Inhalt wiedergeben können. So bieten die großen Tafeln mit dem „gewissen Etwas“ eine große Vielfalt an Anwendungsmöglichkeiten für die Lehrer/innen: von selbst gestalteten Übungen, welche auf die Bedürfnisse der Kinder zugeschnitten sind, bis hin zur Projektion eines kleineren Gegenstandes mittels einer Dokumentenkamera, ist alles möglich!

Doch sollte der Einsatz der Tafeln im Schulalltag nicht einem Selbstzweck dienen, sondern vielmehr als pädagogisches Hilfsmittel angesehen werden, welches besonders bei den Kindern die Lernmotivation anhebt, sowie deren Umgang mit den modernen Kommunikationsmitteln zusätzlich schult.

Aus diesen Gründen steht auch stets die Interaktivität der Tafeln im Vordergrund. Indem die Kinder die Tafeln selbst mit zwei unterschiedlichen Stiften oder gegebenenfalls mit dem Finger steuern können, können sich erst die Arbeit und der Spaß mit den Tafeln vollends entfalten.

Erfreulich ist so auf jeden Fall, dass jedes Team der Zyklen 2-4 über drei Smart-Tafeln verfügt. So können die Kinder der „Biisser Schoul“ mit Hilfe von insgesamt 18 Tafeln unterrichtet werden!

So sehen einige Kinder des Zyklus 3.1. die Arbeit mit der Tafel:

„Mit der Smart-Tafel kann der Lehrer uns die Sachen besser erklären.“ (Daniel)

„Mit der Smart-Tafel kann man in einem Fach Rechenspiele machen.“ (Bryde)

„Ich finde die Smart-Tafel toll, weil wir, während der Lehrer erklärt, auch mal schnell das Internet

anmachen können, und dann zurück zu den Erklärungen gehen können.“ (Louis)

„Ich finde die Smart-Tafel gut, weil wir die Übungen von nah sehen können.“ (Zora)

„Ich finde die Smart-Tafeln super, weil sie zwölfmal so groß wie unsere Computer sind.“ (Ted)

„Mit der Smart-Tafel können wir sehr tolle und schwierige Spiele und Aufgaben machen.“ (Luna)

„Die Tafel ist schön, weil man viele tolle Bilder sehen kann.“ (Jessica)

„Die Spiele und Aufgaben sind cool an der Tafel.“ (Gabriel)

„Ich finde die Smart-Tafel toll, weil man in der Deutschstunde die Aufgabe aus dem Buch dann auch auf der Tafel hat.“ (Sandy)

„Die Tafel ist gut, weil wir auch ab und zu kleine Filme schauen können.“ (Flori)



# Ecoles

## Lasep am Schouljoer 2016 / 2017



Och dëst Joer war den Undrang bei de Kanner nees grouss, an eis Lasep hat schnell hir limitéiert Memberszuel erreecht. Insgesamt si 47 Kanner fir dëst Sportjoer ageschriwwen. Am 1. Trimester ware mir op véier Sportsfester, am zweeten goufe just 2 Sportsfester ugebueden.

Ugefaangen hat et mam „Young Walkers’Day zu Woltz“, wou mir déi wäitste Streck vu 7,5 km zréckgeluecht hunn. Vun eiser Lasepsektioun waren 18 Kanner mat dobäi.

Enn Oktober ware mir op de „Cross National zu Dikrech“. 24 Biisser Lasepisten hunn alles ginn, fir hir jeeweileg Coursen ze gewinnen. Um Enn hate mir exzellent Plazen ze verzechnen a si mat 3 Medaillen heemgefuert. Den Noah Wolter koum a senger Kategorie op déi 3. Plaz, d’Joana Simoes Mendes op déi 3. Plaz bei de Meedercher an den Norbert Pietrasik op déi 2. Plaz an der Kategorie vum Joergang 2005.





D'Dëschtentnisfest war ewéi all Kéiers zu Miersch um Krouneberg. Och hei ware mir mat 15 Kanner präsent. Am Dezember war dunn d'Fussballfest an der Coque. Mat 16 Kanner si mir hei ugetrueden.

Mat 5 Equippe si mir op d'Lichtathletikfest an d'Coque gaangen. Keng aner Lasep hat méi Kanner um Start ewéi déi Biisser. D'Kanner hu Wäitsprong, Héichsprong, Sprint, Staffellaf, Medizinballwerfen a weider olympesch Aktivitéite gemaach. Am Mäerz um Basketballfest hunn eis Debutants (Kanner aus dem Cycle 3) all Konkurrent geklappt a gewannen dono d'Goldmedaille. An dëser Equippe waren d'Luana Santos Crespo, d'Béverley Kieffer, d'Lucie Pham, d'Ciara Ferreira Cardoso, den Davy Da Costa Antunes, den Noah Wolter, de Lohan Monteiro Ruiz, de Pit Reuter, den Axel Bieux an den Diego Pereira Martins.



## Cycle 2-4



### „Tolles Buch“ – Besuch vum Tina Kemnitz

Den 3. Abrëll haten d'Kanner an hiert Léierpersonal aus de Cyclen 2-4 Besuch vun der däitscher Kannerbicherkritikerin Tina Kemnitz aus Berlin.

An 3 ënnerschiddlechen „Literaturempfehlungsshows“ ënnert dem Titel „Tolles Buch“ huet d'Mme Kemnitz de Kanner eng ganz Partie Kannerbicher virgestallt, déi jeweils hirem Alter ugepasst waren.

D'Mme Kemnitz huet an de Kanner den Interessi fir déi ënnerschiddlech Bicher op spilleresch Aart a Weis erwächt. Si huet gezeechent, Geräischer rode gelooss, d'Kanner schwätze gedon, virgelies a villes méi.

De Succès vun hire Shows huet sech net just um Applaus vun de jonke Spectateuren, mee och dono un der Unzuel vun ausgeléinte Bicher an der Schoulbibliothék moosse gelooss.



# Im Jugendhaus geht was ab!



Auch in diesem Jahr bietet das Jugendhaus in Bissen eine Reihe von tollen Aktivitäten an.

Vom 18.-21. April findet am Jugendhaus ein Workcamp statt. In dieser Zeit werden in Zusammenarbeit mit der Gemeinde und dem Förster Serge Reinardt von Bissen eine „Sommerterasse“ aus Paletten gebaut. Diese wird im Frounert aufgestellt und der Bevölkerung als Sitzgelegenheit zur Verfügung gestellt. Am 22.04.17 wird erstmals ein Fitnessstag für Mädchen angeboten. Neben gesunder Ernährung stehen sportliche Aktivitäten auf dem Programm.

Der 13. Mai steht ganz im Zeichen des traditionellen Graffiti-Projektes. In Zusammenarbeit mit der Gemeinde Bissen, dem Jugendhaus Mamer und dem Jugendzentrum „Auf der Höhe“ in Trier werden die Holzmauern an der Baustelle des neuen Spaziergängerüberganges über die Attert mit künstlerischen Jugendmotiven besprüht. Als Eyecatcher sollen diese Motive dann den Spaziergängern in den nächsten zwei Jahren viel Freude bereiten.

Während der Nuit du Sport am 20. Mai findet auf Initiative des Jugendhauses eine „Slackline“-Aktivität statt.

Wie auch im letzten Jahr bietet das Jugendhaus im Jahr 2017 wieder eine Fahrt für Jugendliche an. Dieses Mal geht es auf den Jugendzeltplatz „Brexbachtal“ nach Bendorf-Sayn/Deutschland. Während der Jugendfahrt werden nicht nur Lagerfeuer, Spaß und gemeinsame Alltagsgestaltung angeboten, sondern auch eine Fahrt vom Lager aus ins Phantasialand und ein Kletterworkshop.

In den Sommerferien schließt das Jugendhaus am 31.07.17 und öffnet wieder am 14.08.17.

Am 30.09.17 findet wieder das Jugendfestival „On Steitsch“ in Luxemburg-Stadt statt. Auf diesem Jugendfestival wird in Kooperation mit dem Jugendhaus Schëtter ein Jugendflohmarkt angeboten. Hier können die Jugendlichen ihre Kinder- und Jugendsachen verkaufen.

Ein Internationaler Kochkurs für Jugendliche ist für den 29.10.17 im Jugendhaus geplant. Hier können Jugendliche Speisen ihrer Nationalität ausprobieren und gemeinsam verspeisen.

Wie auch in den letzten Jahren wird das Jugendhaus wieder am Weihnachtsmarkt von Bissen teilnehmen.

Für weitere Fragen stehen Ihnen Christoph Postler und Lucie Hellers im Jugendhaus gerne zur Verfügung!

**Jugendhaus Bissen**  
8, rue de la Laiterie  
L-7783 Bissen  
Tel. 26 88 72 90  
[Jugendhaus@bissen.lu](mailto:Jugendhaus@bissen.lu)



# Summer Musical

Di chinesesch Nuechtegailchen



De 4., 6. a 7. Mee 2016 hunn iwwer 70 Kanner a Jugendlecher d'Leit op eisen traditionellen Musical-Deeg begeeschert.



Fotos: Jimmy Bruch

D'Jugend huet als Virprogramm een ABBA-Medley presentéiert. Di bekannte Melodien an déi vu Memberen vum Jugendgrupp eegen entwéckelt Danzchoreographie si bei den Zuschauer gutt ukomm.

Dono hunn d'Kanner d'Stéck "Di chinesesch Nuechtegailchen", ee Musical vum Andreas Schmittberger wat op engem Märchen vum Hans Christian Anderson baséiert, gespillt. Och hei sinn d'Leit duerch di schéi faarweg Bühn, di mat vill Léif zum Detail zesumme-gestalten Requisiten a Kostümer a virun allem, duerch de Kanner hiert Spillen verzaubert ginn. Als Schluss hunn d'Kanner an di Jugendlech "I have a Dream" vun Abba gesong.



# Chrëscht maart



# BLANKENBERGE 2016



Vum 14.5 bis den 18.5 si mir wéi all Joer an der Päischtvakanz op Blankenberge gefuer. Insgesamt 60 Kanner, Jugendlecher an Erwuessener ware mat. D'Wieder huet gutt

matgespillt an jiddereen ass mat Spillen, sangen, danzen bastelen, shoppen, Go-Cart fueren... an net ze vegiessen engem räichhaltege Buffet 3 mol pro Dag, op seng Käschte komm.

## Spaghettis owend



## Radiomass

De 5. Februar 2017 hu mer wéi an de vergaangene Joeren d'Radiomass op Kannermissiounssondeg gesong. Och dëst Joer hate mer rem ee flotten méisproochege Programm zesumme gestallt deen d'Kanner an di Jugendlech mat Bravour gesong hunn. Si si wéi ëmmer begleet gi vu 5 Musikanten. Een extra grouse Luef koum vum Här Hellinghausen, de Responsabelen vun de Radiomassen, deen all Joer ëmmer gär op Biissen kënnt, fir dobäi ze sinn, wann eis Kanner a Jugendlech sangen.



# Apéro Tour Asivema

### Sonndeg, de 26. März zu Biissen

Um 09.00 Auer wor den Treffpunkt um Parking bei der Atert. Et wore ronn 40 Leit mat, dorënner och en etlech Biisser.

Mir si Richtung Sand fortgaangen, iwwert Péizenäcker, bei den Uessestall um Wëltschwäiwee.

Du si mer e bëssen um Wee vum Hirsch virugaangen, fir erof Richtung Béiwenerstrooss, a Richtung Prénzebunn. Tëschenduerch huet den Här Marcel Reiser verschidden Erklärunge ginn.

D'Leit woren all zefridden a soen der Gemeng e ganz grouse Merci fir de Patt, deen am Veräinshaus offrériert gouf.



# Makadammen zu Biissen



Den 28. Oktober hat d'Kulturkommissioun an d' Veräinshaus op de Makadammen hiren neie Programm „Turlatäin“ invitéiert.

An engem vollbesate Sall wor d'Stëmmung immens, Jonk an Al hu sech köstlech ameséiert, an dat natierlech bei engem gudde Maufel an engem sëffge Pättchen.

(D'Fotoen sin vum Daniel Schummer)



# Integratiounskommissioun

## Lëtzebuergesch-Cours 2015-2016 **zu Biissen**



De Lëtzebuergesch-Cours war organiséiert vun der Integratiounskommissioun vun der Gemeng Biissen ënnert dem President Georges Lucuis. De Gemengrot vu Biissen hat eestëmmege decidéiert, de Cours finanziell a materiell ze ënnerstëtzen.

De Lëtzebuergesch-Cours hat am Ganzen 120 Stonnen, d'Schüler hate während engem Schouljoer zwee mol d'Woch zwou Stonne Cours.

D'Schüler hunn den Aféirungsniveau A1 vum europäesche Referenzkader fir Sproochen erreicht. Dat heescht si hu geléiert, op eng ganz einfach Manéier op Lëtzebuergesch iwwer sech, hir Famill, hire Beruff, hir Fräizäit an hiren Dagesoflaf ze schwätzen.

D'Schüler kënnen an engem Reportage op der Télee iwwer e bekannt Thema verstoe wourëm et geet.

Si kënnen d'Meteo um Radio oder op der Télee verstoen, an iwwer d'Wieder schwätzen.

Si kënnen iwwer Liewensmëttel schwätzen a si sinn amstand, op Lëtzebuergesch akafen ze goen.

D'Schüler kënnen soen, ob si averstan sinn oder net, wat si gär hutt a wat net.

Si hu geléiert eng Persoun oder eng Saach an einfache Wierder ze beschreiwen.

Si hu geléiert, nom Wee ze froen, an eng einfach Weebeschreibung an enger Stad ze verstoen.

D'Schüler kruten Informatiounen iwwert d'Groussherzogtum Lëtzebuerg mat op de Wee.

22 Schüler hunn d'Joer gepackt, si kruten den 21. Juni 2016 vum Buergermeeschter den Certificat iwwerreicht. Déi meescht vun hinnen hunn sech am Schouljoer 2016-2017 an den Niveau A2 ageschriwwen, si sinn nach nach ëmmer am Gaang Lëtzebuergesch ze léieren.

E puer vun hinnen hu wëlles, de Sproochentest fir Lëtzebuergesch ze ginn ze maachen.

## Kandidate vum Lëtzebuergesch-Cours **2016-2017**



## D'Journée des récompenses

Wéi all Joer hu jonk a manner jonk Biisser Leit eppes an der Kultur oder am Sport gemaach, wat net selbstverständlech ass. Si hunn d'Duerf oder souguer d'Land bei groussen Turnéiere vertrueden, si sinn énnert deene Beschten am Land. Genau dës Mat-bierger ginn op der Journée des récompenses géieert.

### **An der Musek hunn dës jonk Talenter ee Präis kritt:**

- Krier Sven (Keyboard)
- Brune Maxime (Formation musicale)
- Ries Julie (Saxophon Alto a klassesch Perkussioun)
- Pham Emilie (Piano)

### **Am Sport si folgend Leit fir hir Leeschtunge géieert ginn:**

- Liber Fred (Saï Liewenswierk am Lafen)
- Stacchiotti Raphaël (Olympesch Spiller am Schwammen)
- Heck Marie (Landesmeeschterin am Pony Sprangreiden U16)
- Turchi Luc (Nationale Champion am Cyclocross U23)
- Feil Charel (Verschidde Championater am Karate)

### **Och aner Leeschtunge si géieert ginn:**

- Pereira Castañal Mikael (Championnat Mondial an der Ornithologie)





Sport- a Jugendkommissioun

# Chrëschtmaart

03. Dezember 2016





## Kommissioun 3. Alter

Eng fest Plaz am Kalenner huet säit Joeren d'Fest vum 3. Alter an der Adventszäit



D'Kommissioun vum 3. Alter, mat dem Personal aus dem Atelier, der Administratioun an de Pompjeeën (déi fir den Transport an eventuell 1. Hëllef präsent sinn), schaffen all Joers enk zesummen, fir datt op dësem Dag alles tiptopp an der Rei ass, fir eis eeler Matbierger ze begrëssen.



Schonns virun hallwer 12, wéi di éischt Gäscht koumen, stoung d'Equipe vun der Kommissioun vum 3. Alter, ënnert hirem President Patrick Schmit, prett do fir d'Leit am Frounert ze empfänken. De Scharz Jos huet gläich zu Ufank bekannte Melodië gespillt a gesongen. Den David Albert mat senge Leit huet dofir gesuergt, datt d'lessen, dat dëst Joer extra gutt gelonge war, déi iwwer 120 Gäscht zefridde gestallt huet. Wéi all Joers war et fir vill Leit eng flott Geleeënheet sech ze begéinen a bei exzellenter Stëmmung e puer Stonnen ze verbréngen. De Cadeau fir jiddereen huet och net gefeelt, grad esou wéi d'Verlouse vu anere flotte Cadeauen.

Dofir eise Matbierger e grouse Merci fir hiert Kommen. Deenen, déi dëst Joer net konnten dobäi sinn, wënsche mer, datt och si Enn 2017, wann d'Gemeng erëm invitéiert, präsent sinn.

Zum Schluss all deenen, déi zu deem gelangene Fest dëst Joer bäigedroen hunn, e grouse MERCI.



## Um Laaschtert mat SICONA

D'Gemeng Biissen, d' Ëmweltkommissioun vu Biissen an de SICONA haten den 3. Mee een Trëppeltour um Laaschtert organiséiert. Den Tour stong ënnert dem Thema Weieren, Molchen a Fräschen.

Am Kader vun dësem Trëppeltour huet een eng Rei besonnesch Liewensraim mat hiren Déieren a Planzen um Laaschtert kenne geléiert. Dëst Gebitt ass Deel vum europäeschen Naturschutzgebittsnetz NATURA 2000. Charakteristesch sinn déi vill Weieren.

Dëse Projet gëtt vum Nohaltegkeetsministère ënnerstëtzt.



# Floumaart 02. Aprèll 2017







# VOLLEYBALL CLUB BISSEN

ASSOCIACION SANS BUT LUCRATIF



An Zäite vun Internet an Handy ass et schwéier, Grouss a Kleng fir de Sport ze begeeschten. Fir dem allgemengen Trend entgéint ze wierken, huet en Ex-Volleyball Nationalspiller, dee seng Passioun zum Sport deele wëll, d'Initiativ ergraff, fir e Volleyballveräin zu Bissen ze grënnen.

Zesumme mat e puer engagéierte Frënn ass dunn offiziell den 19. Mee 2016 de VC Bissen gegrënnt ginn. No enger éischter Porte Ouverte am September 2016, trainéieren haut eng 20 Kanner zweemol d'Woch, déi sech der Passioun Volleyball net méi entzéie kënnen. De Veräin zielt haut eng 35 kleng a grouss Memberen.

Aktuell ginn 3 Sektouren ugebueden, an deenen d'Spiller sech entfale kënnen, woubäi de Schwéierpunkt op der Jugend läit. Mee natierlech kommen och déi Grouss net ze kuerz.

### **Kanner 6 - 12 Joer**

Den optimalen Alter fir am Volleyballsport seng éischt Schrëtt ze maachen ass 6 Joer. D'Kanner gi vum Friedrich Rodenberg encadréiert, dee Sport a Spaass gekonnt vereent.

### **Teenager 12 - 18 Joer**

Dëse Grupp vun 12 bis 18 Joer gëtt trainéiert vum Volleyball-Spiller Slavek Kudlaczewski. Mat senger Erfahrung a Freed bréngt hien deene Jonken de Volleyball bäi an hëlleft deene méi erfuerene Spiller sech weider ze entwéckelen.

### **Volley Loisirs**

Well Volleyball och ganz flott an der Fräizäit ass an ouni gréisser Ambitioun ka gespillt ginn, huet de VC Bissen och eng Loisirs Sectioun gegrënnt. Hei ass de Gedanken, Spaass ze hunn, an der Hal grad ewéi um Beach Terrain. Heiansdo bedeelegt sech d'Equipp och un Turnéieren, déi ëmmer erëm vill Spaass maachen. Um Tournoi zu Wëntger oder an der Stauséi Gemeng huet eis Loisirs-Equipp och déi zwou Kéiere gutt ofgeschnidden.

De Club bitt senge Memberen natierlech nach vill méi wei just den übleche Programm.

Participatioun u Stagen, geckeg Aktivitéiten à la BossaBall op der Nuit du Sport oder de Verkaf vu selwer gemachte Produiten um nächste Chrëschtmaart, sinn nëmmen e puer Beispiller.

Als jonke Veräin ass de Volleyball Club Bissen aktiv op der Sich no Spiller a Fräiwëllegen, déi zu engem attraktive Clubliewe bäidroe wëllen. An dësem Sënn ass dann och erëm de 16. September 2017 eng Porte Ouverte virgesinn, mat diversen Aktivitéiten a Work Shops. Natierlech dierfen lessen a Gedréinks net feelen.

De Volleyball Club Bissen freet sech drop, säin éischt Joer kënnen ze feieren an heescht all zukënfteg nei Memberen häerzlech wëllkomm, fir datt nach vill flott Joeren dobäi kommen.

**Président:** Christian Hoscheid  
**Secrétaire:** Carole Hoscheid-Gielen  
**Trésorier:** Claude Winkin

**Membres:** Serge Krier  
Fabien Pieretti  
Gilbert Weis

**Adresse postale:**  
Volleyball Club Bissen Asbl  
4 rue Edouard Brézol  
L-7794 Bissen

**Courrier électronique:**  
vcbissen@pt.lu

**Site internet:**  
www.vcbissen.lu

# Amis de la fleur Bissen

## Generalversammlung



Der Vorstand der AMIS DE LA FLEUR BISSEN anlässlich der 91. Generalversammlung des Vereines am 22. Januar 2017.

## Gebuertsdeegskanner



## Jean-Michel Klos

Den Här Jean-Michel Klos, deen den 21. Mee 1931 zu Biissen gebueren ass, huet vum Schäfferot e klenge Kado fir seng 85 Joer iwverrecht kritt. Vu Beruff war den Här Klos Mëllechbauer. Doderneft war hien e gesellege Matbierger. A senger Fräizäit war hie laang am Gesank an awer och kuerz an der Musek aktiv. Ausserdeem ware grouss Fussballsmatcher seng Leidenschaft. 2016 huet hien um Kiermessamschdeg säi Gebuertsdag, an dobäi och nach seng Gëllenhochzäit gefeiert. Leider ass den Här Klos den 02. Abrëll 2017 verstuerwen.



# First Responder: Neuer Dienst am Mitbürger, rund um die Uhr

## Hilfsfrist von 15 Minuten

Die maximale Zeit die zwischen dem Absetzen eines Notrufes bis zum Eintreffen der Ersten Hilfe in Luxembourg vergehen darf, soll auf 15 Minuten reduziert werden. Mit der aktuellen Verteilung der Einsatzzentren des Staates, der für Einsätze mit Krankenwagen und SAMU zuständig ist, waren diese Zeiten in bestimmten Regionen des Landes nicht zu erreichen.

Deshalb bat der Innenminister diese Gemeinden, die normalerweise nur für den Feuerwehrdienst zuständig sind, einen „First Responder“ Dienst einzuführen. Nach Rücksprache mit der Feuerwehr stimmte die Gemeindeverwaltung Bissen diesem Projekt zu und finanziert somit die Ausrüstung für diesen zusätzlichen Dienst am Bürger, der von Ehrenamtlichen Feuerwehrleuten betrieben wird.

## First Responder in Bissen

Seit Januar 2016 stellt die Freiwillige Feuerwehr Bissen eine „First-Responder“ Gruppe.

„First Responder“ - wörtlich übersetzt „Erst Eintreffender“ oder auch bekannt als „Helfer vor Ort“ sind in Bissen zur Zeit 16 Feuerwehrleute mit Zusatzausbildung. Sie stehen in der Nacht, an Feiertagen und an den Wochenenden unentgeltlich in Bereitschaft um bei medizinischen Notfällen im Ortsbereich und Umgebung schnelle Hilfe zu leisten. Darunter befinden sich Krankenpfleger, Rettungsassistent und Rettungswagenfahrer.

Der First-Responder ist mit einem Notfallrucksack ausgestattet, in dem sich die wichtigsten Materialien (Verbandsmaterial, Halskrausen, Kälte-Kompressen, Blutdruckmessgeräte, Defibrillator, Sauerstoff u.s.w.) befinden. Zu erkennen ist der First Responder an seiner gelben Jacke mit selbiger Aufschrift.

2016 rückten die „First Responder“ aus Bissen zu 73 Einsätzen aus und waren im Schnitt 9 –10 Minuten vor Eintreffen des Rettungswagens / SAMU vor Ort



## Wann kommt der First-Responder?

Der Disponent der Notrufzentrale 112 stellt dem Anrufer präzise Fragen über Unfallhergang oder Notsituation. Der Einsatzleitrechner entscheidet auf Grund der Antworten des Anrufers über die Dringlichkeit des Notrufes. Ist eine Lebensbedrohliche Situation nicht auszuschließen, wird der First Responder zusätzlich zu Rettungswagen oder SAMU alarmiert. Wenn kein Rettungswagen frei ist, wird der First Responder auch in nicht lebensbedrohlichen Situationen alarmiert.

# Was macht der First-Responder?

Als First Responder leisten die Feuerwehrleute noch vor Ankunft des Rettungswagens Erste Hilfe, da sie meistens schneller am Ort des Geschehens sind.

Typische Notfälle sind Bewusstlosigkeit, Herzinfarkt, Atembeschwerden, epileptische Anfälle, Zuckerkoma, starke Blutungen bei Unfällen im Haushalt, der Industrie und bei Verkehrsunfällen.

Mit den entsprechenden lebensrettenden Erst-Maßnahmen wie der Wiederbelebung oder der Stillung starker Blutungen gewinnen die First Responder für Sie wertvolle Zeit bis zum Eintreffen des Rettungswagens oder des Notarztes (SAMU).

## Unsere Ziele:

- Schnelle und qualitativ hochwertige Erstversorgung vor Ort
- Betreuung der betroffenen Familien
- Einweisung und Unterstützung von Rettungswagen und SAMU
- Fortlaufende Weiterbildungen
- Schnelle Einsatzbereitschaft



## Unsere Stärken:

- Kurze Anfahrtswege und gute Ortskenntnisse
- Dadurch unverzügliche Einleitung lebenserhaltender Maßnahmen
- Schnelle und qualitativ hochwertige Rückmeldung an die Notrufnummer 112, um gezielt Hilfskräfte vor Ort des Geschehens zu bringen
- Personelle Unterstützung des Rettungspersonals
- First Responder sind oftmals „vertraute Gesichter“, es sind Helferinnen und Helfer aus Ihrer Gemeinde

**Sind auch Sie bereit Ihren Mitbürgern in Notsituationen zu helfen und möchten Mitglied dieser Mannschaft werden, dann melden Sie sich beim verantwortlichen Kommandanten unter :**

Email: [chefdecorps@bissen.lu](mailto:chefdecorps@bissen.lu) GSM: 621 15 53 56





www.fpe.lu  
bummelbus@fpe.lu  
Tél. : 26 80 35 80

## BUMMELBUS: Mobilität auf Anfrage!

Die 80 000 Menschen, die in den 40 Partner-Gemeinden im Norden des Großherzogtums Luxemburg wohnen, können den Bummelbus als persönliche Transportgelegenheit nutzen um sich in der Region fortzubewegen.

Einen bequemen Service um von zu Hause aus zum Friseur, zum Arzt, zur Arbeit usw. zu fahren.

Der Bummelbus, der vom „Forum pour l'emploi“ geleitet wird, versteht sich als Ergänzung des öffentlichen Transports und des privaten Individualverkehrs zu Pauschalpreisen je nach Distanz.

- **einfache Reservierung** über Telefon oder Email,
- funktioniert von **montags bis freitags** von **6.45 Uhr bis 21.15 Uhr** und **samstags** von **6.45 Uhr bis 17.15 Uhr**,
- **Hin- und Rückfahrt** auf kurzen Distanzen,
- **Regelmäßige Fahrten** buchbar.

**NEU!**

## BESTÄTIGUNG DER EXAKTEN ANKUNFTSZEIT PER SMS.

Von Juli 2015 an können Sie von einer neuen bequemen Dienstleistung des Bummelbusses profitieren:

- **2 Stunden** vor der Ankunft des Bummelbusses bekommen Sie per **SMS** eine Bestätigung der Ankunftszeit.
- Im Falle einer **Änderung des Fahrplans von mehr als 5 Minuten**, werden Sie über eine weitere **SMS** über den **neuen Fahrplan** informiert. Sie können so zu den bestmöglichen Bedingungen auf den Busdienst warten.

Nutzen Sie diese neue Dienstleistung und geben Sie bei der Reservierung die Nummer Ihres Handys an um über die Fahrplanänderung informiert zu werden.

Die Informationen des Fahrplans werden nur in deutscher Sprache per SMS verschickt.



**DIE INFORMATIONEN  
ÜBER DIE REALE  
ANKUNFTSZEIT  
WERDEN BEARBEITET**



**BESTÄTIGUNG  
DER ANKUNFTSZEIT  
PER SMS**

**GEOGRAPHISCHE  
ORTUNG  
ÜBER GPS**





## **BUMMELBUS : la mobilité sur demande !**

80 000 personnes, résidant dans les 40 communes partenaires au nord du Grand-Duché de Luxembourg, peuvent faire appel au Bummelbus pour leurs déplacements dans la région.

Un service confortable qui leur permet de rejoindre coiffeur, médecin, travail, etc. à partir de leur domicile.

Le Bummelbus, qui est un service du « forum pour l'emploi », s'entend comme un complément au transport public et individuel à prix forfaitaire selon la distance.

- **réservation simple** par téléphone ou email,
- service assuré du **lundi au vendredi** de **6h45 à 21h15** et le **samedi de 6h45 à 17h15**,
- service **aller/retour** sur de courtes distances,
- **trajets périodiques** possibles.



www.fpe.lu  
bummelbus@fpe.lu  
Tél. : 26 80 35 80

### **NOUVEAU !**

## **CONFIRMATION PAR SMS DE L'HEURE D'ARRIVÉE EXACTE.**

A partir de juillet 2015 vous pouvez profiter d'un nouveau service qui rendra l'utilisation du Bummelbus encore plus confortable :

- **2 heures avant** l'arrivée prévue de la navette, vous recevrez **par SMS** la confirmation de l'**horaire**.
- En cas de **changement d'horaire de plus de 5 minutes**, vous serez avisé par un deuxième **SMS** qui vous indiquera le **nouvel horaire d'arrivée**. Vous pouvez ainsi attendre la navette dans les meilleures conditions possibles.

Profitez de cette nouvelle fonctionnalité en indiquant, lors de votre réservation, le numéro de votre portable sur lequel vous voulez recevoir les informations d'arrivée.

Les informations d'horaires envoyées par SMS seront libellées en langue allemande.



**TRAITEMENT DE  
L'INFORMATION PAR  
RAPPORT À L'HEURE  
D'ARRIVÉE PRÉVUE**



**CONFIRMATION DE L'HORAIRE  
D'ARRIVÉE PAR SMS**

**POSITION  
GÉOGRAPHIQUE  
DÉTERMINÉE  
PAR GPS**





## **BUMMELBUS - MOBILITÄT AUF ANFRAGE**

*Der Rufbusdienst um von zu Hause aus zum Frisör, zum Arzt, zum Einkaufen, zu Freizeit- und Sportaktivitäten gefahren zu werden. Einfache Reservierung über Telefon, Internet oder Email.*

*Funktioniert von montags bis freitags von 6:45 bis 21:15 und samstags bis 17:15 Uhr.*

## **BUMMELBUS - MOBILITÉ SUR DEMANDE**

*Le moyen de transport à la demande idéal pour aller chez le coiffeur, médecin, faire vos achats, pour se rendre aux activités sportives ou culturelles.*

*Réservation via téléphone, internet ou courriel.*


*Fonctionnement du lundi au vendredi de 6h45 à 21h15 et le samedi jusqu'à 17:15.*



forum pour l'emploi  
a.e.b.i.

Betribber vu Biissen

Grillzone



Depuis 2015, Cosimo et son équipe sont là pour vous, dans la **Z.A.C. Klengbousbiërg**, du **lundis au vendredi**, de **09h00 à 20h00** et le **samedi** de **11h00 à 15h00**.

Les produits sont faits maison :

Hamburgers, biffanas (avec viande luxembourgeoise), frites fraîches (non congelées), salades, soupes maison et bouchées à la reine, plus les spécialités saisonales.

**Tout est frais et préparation maison.**

Pour arrondir le tout, un grand choix en boissons froides et chaudes et naturellement d'excellents desserts.

Soit à emporter, ou à savourer sur place à l'intérieur ou sur la grande terrasse.





**Méi Sécher Doheem**



Berodung



S.O.S.



Hëllef

### Sécher Doheem ass dee richtege Choix fir lech:

- wann Dir fäert ze falen oder scho mol gefall sidd
- wann Är Mobilitéit noléisst
- wann Dir méi Sécherheet braucht
- wann Dir vill eleng sidd oder vill eleng ënnerwee sidd
- wann Är Famill wäit fort wunnt oder sech Suerge mécht

**Rufft eis un IER lech eppes geschitt**

Sidd Dir interesséiert, da rufft eis un um Telefon: 26-32-66. Mir freeën eis lech ze hëllef.



Conseil



S.O.S.




Aide

## Sécher Doheem est le bon choix pour VOUS si :

- Vous avez peur de la chute ou si vous êtes déjà tombé
- Votre mobilité est réduite
- Vous avez besoin d'un plus en sécurité
- Vous êtes souvent seul ou sortez souvent seul
- Votre famille habite loin ou se fait des soucis

**Appelez-nous AVANT tout incident!**

Si vous voulez plus de renseignements ou si vous êtes intéressé :  
téléphonez-nous au 26-32-66. Nous sommes ravis de vous aider.



# Restaurant **La Delizia**



Ce restaurant est installé à Bissen depuis 2015. Outre ses spécialités du terroir, les pâtes et les bonnes pizzas « à l'italienne » sont les plats les plus demandés.

Tout gourmet se retrouvera dans la carte très vaste. La maison dispose aussi d'une large carte de vins des grandes régions viticoles européennes : Sardaigne, Apulie, Toscane, à côté des classiques portugais, français et luxembourgeois.

Le restaurant est également adapté pour banquet, repas d'affaire, repas de réunion, communion, etc. La Delizia dispose notamment d'une salle de 60 places.



